

# WAT äntweren?

## Fiche Nr. 1
## Aleedung

De Projet „Wat Äntweren?“ vum Planning Familial adresséiert sech un all d'Elteren. Unhand vun eenzele Fichë bitt e Richtlinnen zum Thema emotional a sexuell Gesondheet.

D'emotional a sexuell Gesondheet vu Kanner a Jugendlechen ass nach ëmmer en **Tabuthema**, dat **net oft thematiséiert gëtt**. Dobäi ginn et ganz vill Informatiounen, mä Kanner a Jugendlecher ginn oft mat spontanen Informatioune konfrontéiert, déi net ëmmer wëssenschaftlech, verifizéiert a vu gudder Qualitéit sinn.

Dëst Thema gëtt seelen a sengem Kontext gesinn, an et gëtt wéineg ënnerholl, fir dass d'Elteren (an d'Enseignanten) sech dofir interesséieren. Munchmol schafen déi Leschtgenannten **e Raum vu Vertrauen** (z. B. Anonymiséierung) an Entdramatiséierung, an deem ee wot, mat de Kanner iwwer d'Thema emotional a sexuell Gesondheet ze schwätzen. Dëst geschitt awer net systematesch an d'Kand kritt meeschtens keng Äntwert.

Mat Hëllefsmëttelen an dem Fërdere vum Dialog wëll „Wat Äntweren“ Elteren ënnerstëtzen, well si sinn déi éischt Erzéier/Erzéierin op dem Gebitt vun der emotionaler a sexueller Gesondheet. **D'Haaptzil vum Projet ass et, si ze begleeden, wa Kanner a Jugendlecher no Informatioune sichen a méi wëllen iwwert dëst Thema gewuer ginn.** Déi Jonk maachen de Gros vun hire Recherchen am Internet an dëst ka munchmol zu Situatioune féieren, déi komplizéiert ze geréiere sinn. Eng **edukativ Allianz tëschent Elteren a kompetente Fachleit*** vum Planning Familial fir d'Wuel vum Kand dréit zu senger Selbstbestëmmung bäi an assuréiert esou seng Entwécklung a Selbstverwierklechung a puncto emotional a sexuell Gesondheet.

### Déi siwen Haaptprinzippie vu „Wat Äntweren?“

1. D'Kand a seng Froen an de Mëttelpunkt vum Projet stellen
2. All d'Elteren (an och d'Enseignanten) aus dem Bléckwénkel vun der Neutralitéit an dem Respekt vun de sexuelle Rechter uspriechen
3. Den Alter, ënnerschiddlech Liewenskontexter an Expertisen op dësem Gebitt berécksiichtegen
4. Éischt Punkten (Léisungen/Repèren) definéieren, fir kënnen z'intervenéieren
5. Den Elteren entgéintkommen (eegen Erfarungen, Emotiounen, Duerstellungen, psychologesch Verännerungen etc.)
6. D'Elteren encouragéieren, iwwer hir Interventioun kritesch nozedenken
7. Professionell Kontakter, Hëllefsmëttelen a Formatiounen ubidden (Accroche)

**KONKRET proposéiert dëse Guide Eltere kuerz Fichë mat Informatiounen an Handlungsméiglechkeeten, op déi si sech bezéie kënnen.**



## Firwat iwwer Sexualitéit schwätzen?

Selbstvertrauen, dat aus enger Bindung eraus entsteet, ass wesentlech fir engem Kand seng Entwécklung. Dës Verbonnenheet weist sech duerch d'Gefill, dozouzegehéieren an en Deel vun enger Famill ze sinn, andeems sengen elementare Besoine besonnesch Opmierksamkeet geschenkt gëtt: Zäertlechkeeten, Betreiung, Gedold a Frëndlechkeet.

D'Weltgesondheetsorganisatioun bestätegt, dass **Sexualitéit all Mënsch, an all Alter, betrëfft.**

**Eng positiv emotional a sexuell Educatioun vu klengster Kandheet un huet en Afloss op d'ganzt Liewen!**

Trotzdeem ass et och haut nach ëmmer eng Erausfuerderung, iwwer Sexualitéit a Gefiller ze schwätzen. **E Kand ass kee Mini-Erwuessenen.** Aus deem Grond ass et wichteg, **sech an hatt eranzefillen** an, wann néideg, eis Siicht, wat bestëmmte Froen ugeet, z'änneren.

D'Roll vun den Elteren ass et, **hir Kanner am Alldag ze begleeden.** Dës Begleedung betrëfft an éischter Linn d'Affektivitéit an d'Sexualitéit, déi – ob positiv oder net – en integrale Bestanddeel vun hirem alldeegleche Liewe sinn.

Erwuessener musse wëssen, dass **Kanner a Jugendlecher e gewësse sexuelle Virwëtz hunn**, an dësen als positiv mënschlech Veranlagung begréissen. Et erfuerdert vill Courage an Nolauschteren an dësem Beräich.

Als Elteren tendéiere mir munchmol dozou, eis Roll als Begleeder/Begleederin an der Entwécklung vun eisem Kand ze vergiessen: et ze berouegen, säi Wësse weiderzëentwéckelen a säi Vertrauen a sech selwer ze stäerken/opzebauen/ze festegen.

**Denkt drun, dass mir FIR an net GÉINT eppes erzéien.**

Et ass ni ze spéit, mat sengem Kand iwwer Sexualitéit ze schwätzen, mä et sollt ee **fréi ufänken** – nach virun de Verännerunge vun der Pubertéit an den éischte verléifte Gefiller.

Eltere sinn déi éischt Erzéier/Erzéierin, wat d'Sexualitéit vun hire Kanner ugeet, a wéi si mat dëser Roll ëmginn, hänkt vun hirer Kultur of, wéi wuel si sech bei dësem Thema fillen an ob si sech fir dës Roll gutt gestiwwelt fillen oder net.

Elteren hunn **dee meeschten Afloss** op Kanner a Jugendlecher.

Wann et fir Iech schwiereg ass, mat Äre Kanner iwwer Sex ze schwätzen, dann ass dat net schlëmm, esoulaang Dir dofir suergt, dass eng aner Persoun, där Dir vertraut, et mécht.

**Et muss ee keen Expert sinn, fir iwwer Sexualitéit opzeklären. Et geet duer, wann Dir d'Roll vum Guide iwwerhuelt an en oppent Ouer fir Äert Kand hutt.**

Vergiesst net: **Et gëtt keng Zauberformel.** Dat wichtegst Hëllefsmëttel sidd Dir, léif Elteren… Këmmert Iech also ëm Iech!

Eng gutt Lektür!

HIWÄIS: Mir roden Iech, ëmmer d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen. Dir hutt och d'Méiglechkeet, eis Är Froen an aller Diskretioun ze schécken.

**„Bildung ass déi mächtegst Waff, déi du benotze kanns, fir d'Welt ze veränneren“**

*Nelson Mandela*

planning familial

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe“-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**

# NOTE à l'attention des lecteurs/lectrices

WAT äntueren?

La mission principale de l'équipe de l'ESA (éducation sexuelle et affective) du Planning Familial est d'assurer un travail de prévention et de (in)formation sur la santé sexuelle et affective pour toutes et tous, qu'il s'agisse d'enfants, d'adolescent·e·s et d'adultes, indépendamment de leurs conditions, de leur âge, de leur handicap, etc., de (beaux-)parents ou de personnel socio-éducatif, etc.

Le bien-être de la personne est au premier plan de notre travail et notre mission est de percevoir, d'écouter, de protéger et de sensibiliser les personnes dans le respect de leurs diversités et de leur fournir des informations adaptées à leur âge et à leur développement (connaissances).



## Quelques réflexions à partager avec vous sur...

### Le genre

(cf. annotations * dans les textes, représentant des termes épicènes, génériques et tournures neutres)

Nous abordons les enjeux liés à l'identité de genre, ainsi qu'aux rôles et stéréotypes de genre dès le plus jeune âge. **Notre approche est inclusive et positive, c'est notre combat depuis toujours!**

Quand nous parlons de garçons* ou de filles*, il s'agit du sexe assigné à la naissance ou du sexe biologique de l'enfant. Donc le seul indicateur fiable de l'identité de genre d'une personne (qui peut évoluer au cours de la vie) est son auto-identification, c'est-à-dire son sentiment intimement vécu relativement à sa personne et les mots qu'elle utilise pour en parler.

***L'identité de genre** d'une personne est le genre auquel cette personne s'identifie. Il peut être différent du genre assigné à la naissance (parfois appelé erronément «sexe biologique», excluant les personnes intersexuées, et scientifiquement sans fondement).*

***L'expression de genre** d'une personne correspond à sa façon d'utiliser divers codes sociaux (vêtements, attitude, langage…) et corporels (corporalité, prise d'hormones, opérations…) attribués à un genre particulier. Par exemple, s'habiller de vêtements féminins est une expression de genre qui peut être considérée comme féminine. Pour autant, l'expression de genre n'est pas nécessairement en corrélation avec l'identité de genre. On peut très bien être une femme qui s'identifie comme femme et avoir une apparence très masculine, cela ne remet pas en cause son identité de genre.*

*(réf. Genres pluriels ASBL).*

### L'amour

(cf. annotations ** dans les textes)

Dans nos fiches, nous avons ponctuellement parlé d'amour, car nous abordons parfois des thèmes concernant les plus jeunes (concept important pour eux, par exemple, dans la construction de l'estime de soi des jeunes: se sentir aimé·e).

Mais l'amour, la sexualité, l'attirance et parfois la conception d'un·e enfant ne sont pas forcément liés entre eux. «Aimer» est à prendre au sens large, en fonction de son histoire, et peut être compris par avoir des projets ensemble, être ensemble, être en couple, etc.

Pensons à enlever nos lunettes «hétéronormatives». Une société hétéronormative reconnaît l'hétérosexualité, les sexes et les rôles de genre qui y sont traditionnellement associés comme seuls comportements socialement acceptables. Les jeunes enfants se posent des questions sans filtre et sans stéréotype. N'en construisons pas de nouveaux...

### Votre histoire

**Votre histoire reste votre histoire.** Et vous restez le.la mieux placé·e pour la raconter à votre enfant, si cela est votre choix! Cela ne veut pas dire que c'est facile. Il se peut que des évènements douloureux vous reviennent, par exemple des violences qu'on a subies: sexisme, homophobie, transphobie, viols, harcèlement, blessures, etc. Prenez le temps d'y réfléchir. Vous pouvez toujours en parler avec votre compagnon/gne ou un-e ami·e proche ou un professionnel.le.

## La norme

Attention à l'utilisation des mots comme « normal·e, normalité » ! Car ils peuvent être mal compris par les enfants et source de la construction de certains préjugés (de discriminations) voire de culpabilité et de mal-être chez les jeunes (« suis-je normal·e ? » – qu'est-ce qui est normal ?).

L'envers de la normalité n'est pas l'anormalité, une alternative binaire à rejeter, mais la singularité de chaque enfant. L'éducation sexuelle permet à votre enfant de mieux comprendre son corps et de mieux gérer sa sexualité comme sa vie affective, de le/la renforcer, d'augmenter ses compétences dans ses relations avec les autres… L'éducation sexuelle est utile pour tous les enfants, jeunes et adultes, les personnes en situation de handicap, etc.

Les enfants en situation de handicap (mental) ont le droit d'être soutenu·e s dans cette dimension de leur vie. L'éducation sexuelle et affective participe à cette approche. C'est pourquoi les fiches de notre projet sont accessibles.

ATTENTION. L'**âge** d'un·e enfant ou d'une personne en rapport avec son degré de développement global (ex : mental) peut être différent de son âge chronologique (donné par sa date de naissance).




Illustrations libres @Elise Gravel © http://elisegravel.com/?s=famille

## La famille

Dans les livres pour enfants, on présente souvent un modèle unique de la famille : la famille traditionnelle ! Un papa, une maman, mariés avec des enfants. Ce temps est révolu. La notion de famille est très diverse. Nous préférons ne pas utiliser ce terme car il y a beaucoup d'enfants dont le schéma familial est différent.

**Aujourd'hui, tous les modèles familiaux ont leur place !**

Ces fiches constituent une introduction sommaire à ces enjeux y compris aux droits sexuels de la personne c'est-à-dire le droit de décider librement de sa sexualité, de choisir son.sa partenaire ou de rester célibataire, d'avoir des enfants ou pas et quand, de ne subir aucune discrimination, aucune violence et d'exiger l'égalité et le plein consentement, etc.

Des fiches sont également en construction en « Leichte Sprache » et nous restons toujours disponibles pour des éclaircissements, pour des questions ou pour de l'aide…

**N'hésitez pas à nous contacter !**

planning familial

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**